

Stellungnam vum SNE/CGFP zu der Organisatioun vun der Reprise de 25. Mee 2020

Opstellung vun de Léiergruppen an der Grondschoul: Pedagogesch a schoulesch Krittäre sinn do Niewesaach.

Fir den SNE/CGFP muss d'Gesondheet vun de Kanner an dem Léierpersonal un
éischter Stell stoen, wann d'Schoulen de 25. Mee nees opgoe sollen.

Fir de Risiko vun der Ustiechungsgefor vun den Enseignanten an de Schüler am Kader
vum Schoulbetrib sou niddreg wéi méiglech ze halen, kann den SNE/CGFP
d'Recommandatioun vun den Gesondheetsexperten novollzéien, dass d'Klassen an A-
a B-Gruppen agedeelt solle ginn. Obwuel dëse Splitting mat engem enormen Opwand
verbonnen ass, ass et doduercher méiglech, dass zum selwechten Zäitpunkt net all
d'Kanner gläichzäiteg am Schoulgebaie sinn an net de ganze Klasseverband am
Klassesall ass. Kloer ass, dass et méi schwéier géif ginn, d'Geste-barrièren an
d'physisch Distanz mat enger ze grousser Zuel vu Kanner an der Schoul anzehalen an
ze garantéieren. Fir den SNE/CGFP war et aus sanitäre Grënn och kloer, dass et ënner
kengen Ëmstänn zu Vermëschnge vu Gruppen dierft kommen. Dass et elo awer an
de Betreuungsstrukturen zum Zesummeleeë vu Gruppen, also zur Vermëschnge vu
Kanner soll kommen, stéisst beim SNE/CGFP op dat gréisst Onverständnis.

D'Andeelung a sougenannt A- a B- Gruppe sollt am Ufank no dräi Krittären erfollegen:
heterogen Gruppen, Respekt vun de Fratrien an de Wënsch vun de Kanner. Dëse
Message huet vill Elteren an Enseignantë berouegt, well d'Wuelbefanne vun de
Kanner a pedagogesch Iwwerleeungen am Mëttelpunkt stoungen. A ville Schoulen ass
du schonn äifreg ugefaange ginn, d'Gruppen ënner beschtméiglecher Berücksichtigung
vun deene Krittären opzedeelen. Dat war schonn net onbedéngt en einfachen
Exercice, dee ganz zäitintensiv war.

Leider hunn d'Enseignanten duerno musse feststellen, dass hir Aarbecht deelweis fir
d'Kaz war an dass fir d'Opdeelung vun de Klassen déi urspénglech Krittäre mat éischer
pedagogesch Aspekter an den Hannergrond geréckelt sinn. Mir näischt dir näischt
huet den Educatiounsminister, no Récksprooch mat de Gemengenautoritéiten an dem
Syvicol, e weidere Krittär fir d'Kreatioun vun de Gruppen annonciert: d'Opdeelen, jee
nodeem ob e Schüler moies an der Übungswoch doheem bleift an / oder nomëttes op
d'Betreuungsstrukturen zréckgräift. D'Elteren hu sech beim Aschreiwe vun hire Kanner
a bei der Organisatioun vun hirer beruflecher Aktivitéit op d'Aussoe vum
Educatiounsminister verlooss, dass hir Kanner am selwechte Roulement géifen an
d'Schoul goen. Dass elo de Krittär vun der Betreuung d'Anhale vun de Fratrië quasi
onméiglech mécht, stellt vill Eltere viru grouss organisatoresch Problemer.

Fir den SNE/CGFP louch et op der Hand, dass dësen neie Krittär opgetaucht ass, well festgestallt gouf, dass et esouwuel de Schoule moies wéi och de Maison-relaisen nomëttes u Personal feelt fir der ursprénglecher Opdeelung gerecht ze ginn. Wann et elo vum MENJE heescht, dass am Moment scho méi Ressourcen disponibel wäire wéi iwwerhaapt gebraucht ginn, da kann den SNE/CGFP absolutt net novollzéien, firwat dësen neie Krittär iwwerhaapt agefouert an esouguer zum primäre Krittär erhuewe gouf.

Pedagogesch Aspekter spillen elo nach just eng ënnergeuerdent Roll. Et gëtt net méi nom Interêt vun de Kanner gekuckt. Eng bedauernswäert, wann net esouguer irresponsabel Haltung vun de politesche Verantwortlechen!

Den SNE/CGFP kann op jiddwer Fall den lenger vun den Enseignanten novollzéien, déi weder dësen neie Krittär gefrot hunn, nach dës Virgoensweis novollzéie kënnen.

Fir den SNE/CGFP muss de pedagogeschen Aspekt beim Schoulhalen och a Krisenzäiten dee wichtigste sinn, wann dat dann iwwerhaapt an der haiteger Situatioun méiglech ass. Vu vir eran all pedagogesch Consideratiounen iwwer Bord ze werfen ass sécherlech net de richtege Wee!

Et kann och net sinn, dass d'Presidenten, d'Membere vun engem Schoulcomité, d'«Coordinateurs de cycle» an all eenzelen Enseignant elo, niewent de Preparatiounsaarbechte fir d'Rentrée 2020-2021, innerhalb vun e puer Deeg eng ganz nei Schoulorganisatioun fir den Zäitraum vum 25. Mee bis zum Enn vum Schouljoer mat grousem bürokrateschem Opwand opstelle mussen. Derbäi kënn, dass déi Enseignanten och nach ganz «niewebäi» Zäit musse fannen, fir sech ëm den «Enseignement à distance» vun hire Schüler ze këmmen. Dat ass onméiglech! Et ass eis versprach ginn, dass d'Schoulorganisatioun fir déi verbleiwend Wochen ouni groussen administrativen Opwand soll geschéien, mee d'Realitéit ass eng ganz aner. All eenzelen Enseignant, d'Presidenten, d'Membere vum Schoulcomité an d'«Coordinateurs de cycle» gi mat Excell-Tableauen, Formstacks, a.s.w. iwwerschwemmt an de Formalismus hëlt hinnen all Kraaft.

Fazit: Fir den SNE/CGFP mussen engersäits déi néideg Bedingunge geschafe gi fir dass weder d'Kanner nach d'Enseignanten engem onnéidege gesondheetleche Risiko beim «Enseignement en alternance» ausgat ginn.

Anersäits, wann da wierklech méi wei genuch Ressourcen zur Verfügung stinn, esou wéi et vum MENJE behaupt gëtt, da misst de pedagogeschen Aspekt beim Opdeele vun de Gruppen a beim Schoulhalen och a Krisenzäite primär berücksichtegt ginn.

Matgedeelt vum SNE/CGFP, 15.05.2020